



gen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Carlo Wagner), MM. Fernand Etgen, Paul Helming, Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter (par M. Claude Adam);

MM. Jean Colombero (par M. Fernand Kartheiser), Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes (par M. Gast Gibéryen) et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Motion 1

Mir hunn dann nach hei eng Motioun vum honorabelen Här Lucien Clement. Wann ech dat richteg verstanen hunn, schéngt mer do e grouse Konsensus iwwert déi Motioun ze bestoen.

Kann ech also par vote à main levée procédéieren?

(Assentiment)

Wien ass mat där Motioun d'accord?

Dat schéngt mer d'Unanimitéit ze sinn.

Domadder wier déi Motioun dann och ugehall.

Mir kommen dann elo zum Projet de loi 6171 iwwert d'Établissements classés. Hei ass d'Riedezäit nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Häre Berger, Negri, Gira a Gibéryen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Fernand Boden. Här Boden, Dir hutt d'Wuert.

5. 6171 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 10 juin 1999 relative aux établissements classés

Rapport de la Commission du Développement durable

► **M. Fernand Boden** (CSV), rapporteur.- Ech huelen nach eng Schlupp Waasser. Sou!

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Gesetzesprojet 6171 iwwert d'Établissements classés ass eng weider Moosnam vu villen, déi vun der Regierung geholl ginn, fir déi administrativ Démarché méi einfach ze maachen. De Regierungsprogramm aus dem Joer 2009, dee stellt fest, datt et niewent dem Gesetz vum 10. Juni 1999 iwwert d'Établissements classés nach weider Gesetzer gëtt, déi Autorisationsprozedure virgesinn an déi derzou féieren, datt en eenzelne Projet vu véier verschiddenen Ëmweltbewäertungsprozedure beträff ass.

Dofir proposéiert de Regierungsprogramm ënner anerem, fir déi verschiddenen Texter opeenen ofzestëmmen, esou datt et zu kenger onnéideger Aarbecht an zu kengem Double emploi an dëser Cascade vun Ëmweltbewäertunge kënn. Des Weidere sollen d'Délaien an d'Prozeduren an deene verschiddene Gesetzer synchroniséiert an d'Délaien, besonnesch wat de Kommodo-Inkommodo betrëfft, staark reduzéiert ginn.

Fir de Kleng- a Mëttelbetriber bei hiren Ufroen ze hëllefen, gesäit de Regierungsprogramm och vir, datt e Guichet „autorisations“ soll geschaf ginn, deen déi eenzeg Ulaftell fir all Demande fir eng Betriebsautorisation soll sinn. Dëse Guichet unique „autorisations“ soll d'Koordinatioun tëschent deene verschiddenen Administratiounen garantéieren an derfir suergen, datt d'Äntwerte vun dësen Administratiounen an deene virgeschriwwenen Délaien a Friste kommen.

Eng vergläichbar scho méi laang geplangte Struktur, déi fir jiddwereen zougänglech ass, dee gäre baut, ass de Guichet „urbanisme“. Dëse Guichet soll d'Uwendung vum Gesetz vum Aménagement communal an dem Développement urbain méi einfach maachen. E Gesetz, wat mer jo elo grad haut an der Chamber ofgeännert hunn, och am Sënn vun enger Entschlackung vun de Prozeduren.

Dat zum Regierungsprogramm iwwert déi administrativ Vereinfachungen a puncto Kommodo-Inkommodo.

Dëse Projet de loi realiséiert net dee ganze Regierungsprogramm, bái Wäitem net, mä hien

enthält awer eng ganz Rei vu konkrete Moosnamen, fir d'Kommodo-Inkommodo-Prozedur ze vereinfachen an och ze beschleunegen.

An deem Kontext ginn zwou nei Prozeduren agefouert.

Déi éischt, d'Procédure d'enquête publique particulière, erméiglecht et den Demandeuren, fir d'Kommodo-Inkommodo- an d'PAP-Prozeduren ze synchroniséieren, wat besonnesch interessant ass fir d'Promoteure vun Aktivitéitszonen a fir Persounen, fir Betriber, déi sech an esou Zonen néierloosse wëllen.

Déi zweet ass d'Prozedur vun der Recevabilitéit vun enger Demande d'autorisation. Hei gëtt de Prinzip „le silence vaut accord“ agefouert. Sollt also eng Administratioun net bannent 15 Deeg eng Entscheedung iwwert d'Recevabilitéit vun engem Dossier huelen, esou ass dësen Dossier automatesch recevabel. En Dossier ass net recevabel, wa wesentlech Piëcen, déi am Artikel 10 opgezielt sinn, feelen. Den Dossier gëtt dann un den Demandeur zrëckgeschéckt. D'Prozedur vun der Recevabilitéit gëtt agefouert, well et an der Vergaangenheet vill Zäit an Aarbecht kascht huet, fir laang Lëscht vu feelenden Dokumenter opzustellen.

Wann en Dossier elo recevabel ass, heescht dat awer net, datt e komplett ass. Am Fall, wou Dokumenter bei enger Demande feelen, kann déi zoustänneg Autoritéit den Demandeur bidden, säin Dossier ze vervollstännegen. Hie muss him awer an enger Kéier de Relevé vun alle feelenden Dokumenter zoukomme loossen.

Weiderhi gëtt déi duebel Kontroll, wat d'Veereinbarkeet vun engem Établissement classé mat den Urbanismusregelen ubelaangt, ofgeschafft. Dat ass de Fall, well de Contrôle en aval vun dëser Kompatibilitéit mat den Urbanismusregelen, dat heescht zu deem Moment, wou déi Décisioun iwwert d'Autorisation geholl gëtt, als iwwerflësseg kann ugesi ginn, ënner anerem, well déi entspreche Dokumenter scho beim Erareche vum Dossier kontrolléiert ginn.

Iwwregens gëtt an Zukunft och e Certificat vum Buergermeeschter als valabel Prouf ugesinn, datt den Etablissement an der Zone prévue à ces fins läit. Dat erlichtert déi ganz Prozedur. D'Exploitation vun engem Établissement classé ass jo nëmme méiglech, wann en an esou enger Zon läit.

Als weider Moosname sinn ënner anerem geplangt - ech ziele se schnell op -:

- d'Veereinfachung vum Regime vun den Établissements composites, déi ënner méi wéi eng Kommodosaklasséierung falen, mat Ausnahm vun der Klass 1. Esou zum Beispill en Hotel mat engem Restaurant. Hotel ass d'Klass 3, Restaurant ass d'Klass 2. Deen Dossier gëtt dann nom Regime vun der Klass 3 kontrolléiert a geregelt;

- d'Ännere vun der Verfallsdauer vun enger Autorisation. Zum Beispill am Fall vun der Stëlleung vun engem Betrib oder vu verschiddenen Installatiounen gëtt d'Verfallsdauer vun zwee op dräi Joer eropgesat;

- d'Ännere vun de Regelungen, déi en Etablissement treffen, wat nëmme während enger bestëmmter Zäit funktionnéiere soll. E Betrib, deen net méi wéi zwee Joer - bis elo war dat nëmmen ee Joer - funktionnéiere soll, kann eng Autorisation fir ee Joer kriien, déi em ee Joer ka verlängert ginn, ouni mussen eng Kommodo-Inkommodo-Prozedur ze duerchlafen;

- d'Äféierung vu verschiddenen Délaien, wat d'Erarechen an d'Behandlung vun den Demandé betrëfft, souwuel fir d'Administratiounen wéi och fir d'Gemengen a fir d'Demandeuren;

- d'Reduziéiere vun enger Rei vu bestehenden Délaien;

- an dann d'Opstocke vum Personal vun der ITM an der Administration de l'environnement, also déi zoustänneg Verwaltung vum Kommodo-Inkommodo-Prozedur.

Dës Ännerungen am Projet de loi 6171 solle kuerzfristeg Effeten erzielen. Si ginn an déi richteg Richtung, sinn awer nëmmen ee vu ville weidere Schrëtt um Wee vun der Simplification administrative am Beräich vum Kommodo-Inkommodo. Mëttelfristeg gesinn, si méi déif gräifend Ännerungen néideg, besonnesch wat den „e-commodo“ an de Guichet unique ugeet.

Des Weideren dierf awer net vergiess ginn, datt d'Kommodo-Inkommodo-Prozedur net nëmmen duerch ee Gesetz geregelt gëtt, mä datt och eng Rei vu groussherzogleche Reglementer hei matspillen, ënnert deenen ouni Zweifel d'Reglement iwwert d'Nomenclature an d'Klassifikatioun vun den Établissements classés dat wichtegst ass.

Während der parlamentarescher Aarbecht huet den delegierte Minister Marco Schank eiser Kommissioun d'Haaptlinne vun engem Projet vu Reglement fir d'Ännere vun der aktueller Nomenclature a Klassifikatioun vun den Établissements classés presentéiert, esou wéi e vum Regierungsrat den 22. Abrëll vun dësem Joer ugehall ginn ass.

De Schwéierpunkt vun dësen Ëmännerunge läit op der administrativer Vereinfachung. Et ass derfir gesuergt ginn, och dee gréisstméigleche Schutz op der Aarbecht a vun der Natur ze garantéieren.

D'Haaptännerunge bestinn doranner, datt all d'Nomenclaturen an enger eenzeger Tabell regruppéiert ginn, sortéiert no Fonctioun respektiv Aktivitéit; datt verschidden Aktivitéiten nei aklasséiert ginn, wat eng vereinfacht Genehmigungsprozedur mat sech bréngt, esou wéi et iwwregens schonn am Plan de relance de la conjoncture vun 2009 an am Plan de relance de la compétitivité des entreprises festgehal gi war.

Fir verschidden Aktivitéite gesäit dëst Reglement en Unhiewe vun den Ufuerderunge vir, ënnert deenen en Etablissement eng Autorisation brauch. D'Membere vun der Kommissioun ware sech relativ eens doriwwer, datt en Équilibre muss fonnt ginn tëschent dem Schutz vun der Ëmwelt an der Kompetitivitéit vun den Entreprene.

Och wa jiddwereen eenzel domadder averstannen ass, datt d'Ëmwelt eng wichteg Roll spillt, esou muss awer och festgehal ginn, datt d'Entreprise géeeigent Konditiounen brauchen, fir sech kënnen ze entwéckelen, wat ënner anerem duerch flexibel Betriebsgenehmigungsprozedure soll realiséiert ginn. Mir brauchen awer och déi néideg Leit a Mëttel, fir de Respekt vun de bestehende Regele säitens den Entreprene ze garantéieren.

Komme mer dann elo zu de verschiddenen Avisen zu dësem Projet.

Esou ass d'Chambre des Salariés zwar fir eng Vereinfachung vun de Prozeduren, mä dëst soll awer net op d'Käschte vun der Sécherheet geschéien. Dofir froe si eng regelméisseg Evaluatioun vun de Konsequenzen, déi dëse Projet wäert mat sech bréngen. Des Weidere fäerte si, datt d'Kierze vu verschiddenen Délaien sech negativ wäert op d'Qualitéit vun der Analys vun den Dossieren auswirken, ausser d'Zuel vun zoustänneg Personal géif erhéicht ginn. Si fannen, datt déi virgesinnen Opstockung am Beräich vum Personal bei der ITM an der Administration de l'environnement hirer Meenung no net duergeet.

D'Chambre des Métiers, fir hiren Deel, begréisst de Gesetzesentwurf, äussert awer gläichzäiteg zwee Haaptkritikpunkten. Esou bedauere si zum Beispill, datt déi generell Uwendung vun der Règle d'autorisation tacite net vun den Auteurs zrëckbehale ginn ass. Ausserdeem ass d'Chambre des Métiers net frou doriwwer, datt de Contrôle de conformité vun engem Etablissement mat den Dispositionen iwwert den Urbanismus an d'Hänn vun dem Demandeur vun der Autorisation geluecht gëtt, deen net onbedéngt e Spezialist an dëser Matière ass. Si froen dofir d'Schafe vum Guichet unique „urbanisme“, esou wéi en am Regierungsprogramm virgesinn ass. Ech hu schonn doriwwer geschwat.

D'Chambre de Commerce bedauert, datt de gréissten Deel vun den Ännerungen den Administratiounen zegutt géif kommen, ouni den Entreprise wierklech vill ze bréngen. Si kritiséiert, datt d'Auteurs vum Gesetz keng detailléiert Analys gemaach hu vun alle bestoenden Autorisationen, fir nëmmen déi zrëckzebehalen, déi onbedéngt néideg sinn, an datt se net de Prinzip vun der Autorisation tacite zrëckbehalen hunn, esou wéi et d'Direktiv „services“ virgesäit.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer dann, datt ech ofschléissend nach kuerz iwwert den Avis vum Conseil d'État schwätzen. De Conseil d'État begreist och wéi all déi aner Gremien d'Beméiung vun der Regierung am Kader vun der Simplification administrative, weist awer dorop hin, datt dës Moosnamen net dierfen op d'Käschte vun der Informatioun vun den Entreprene a vun Drëttpersounen goen.

Gläichzäiteg stellt de Statsrat sech hannert d'Kritik vun der Chambre de Commerce, wat d'Feele vun enger genereller Iwwerpräiung vun der Noutwendegkeet vun de gesetzlechen Exigenzen a vun den Délaien ugeet. Et gouf och eng Opposition formelle vum Statsrat, well de virleiende Projet net am Aklang wier mat der Direktiv „services“.

Als Äntwert op dës Opposition formelle huet de Ministère an enger ganz detailléierter Note erkläert, woufir et néideg wier, fir en Autorisationsregime bei den Établissements classés bäizebehalen, a woufir de Prinzip vun der Autorisation tacite net kéint zrëckbehale ginn.

De Ministère huet den Intérêt ënnerstrach, fir e Régime de police spéciale ze schafen a fir d'Ausübung vun ëmweltverschmutzenden Akti-

vitéiten u speziell Konditiounen ze bannen. D'Interesse vun Drëttpersounen kéinten och méi licht léséiert ginn, wann en Établissement classé net ënner spezifesch Konditiounen géif exploitéiert ginn.

Wat d'Ausnahm vun der Autorisation tacite ubelaangt, esou begrënt de Ministère dëst duerch d'Zil fir Verschmutzung vu Säite vun de Betriber ze vermeiden oder ze reduzéieren, wat spezifesch Betriebsgenehmigung viraussetzt, déi de beschten disponibelen Technologie Rechnung droe mussen, gradesou wéi der Natur an dem Emplacement vum Betrib.

Bemängelt ginn och nach am Fall vun enger Autorisation tacite déi prozedural Schwierigkeiten, wat de Schutz vun den Intérète vun Drëttpersounen a wat den Zäitpunkt, vu wéini un ee kéint e Recours maachen, ubelaangt.

No den Erklärungen vum Ministère huet de Statsrat seng Opposition formelle opgehuewen, awer gläichzäiteg drop higewisen, datt hien an Zukunft méi streng wäert oppassen op d'Anale vun europäeschen Normen duerch eis Gesetzer, an dëst scho vun der Ausaarbechtungsphas un. Esou verlaangt hien, datt fir all Gesetzes- oder Reglementsprojet, deen en Autorisationsregime virgesäit, d'Auteurs kloer duerleeën, woufir si eventuell d'Dispositionen vun der Direktiv „services“ net uwenen.

Schaarf kritiséiert huet de Statsrat den urspringlechen Text vum Projet, deen eenzel Dispositionen vum Gesetz vun 1999 op zwou verschidden Aart a Weisen ofgeännert huet, déi souguer deelweis géigesätzlech wieren. Am Intérêt vun der Sécurité juridique hat hien dofir gefuerdert, déi néideg Ännerungen virzehuelen an och d'Reiefolleg vun der Presentatioun vun den Artikelen ze changéieren. Sollt dëst net geschéie virum Vote vum Projet, sou géif de Statsrat eng Opposition formelle ausschwätzen. D'Kommissioun huet doropshin den Text deementspreechend amendéiert a si huet eng komplett Restrukturatioun vum Text virgeholl.

D'Kommissioun huet, Dir Dammen an Dir Hären, vill um Text geschafft, besonnesch fir den Avis vum Statsrat an de Beruffschambere Rechnung ze droen. Den Detail vun dëser Aarbecht kënn Dir a mengem schrëftleche Rapport noliessen.

Ech soen alle Kolleegen aus der Nohaltegkeetskommissioun Merci fir hir gutt Mataarbecht an ech bidden lech am Numm vun der Kommissioun, dësen Text ze stëmmen.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

Discussion générale

► **M. Fernand Boden** (CSV).- Sou, ech wëll dann elo, mat enger anerer Kap, als Spriecher vun der CSV-Fraktioun den Accord vun eiser Fraktioun zu dësem Projet ginn. Dee bréngt, dat ass jo gesot ginn, eng Rei vu Verbesserungen an der Kommodo-Inkommodo-Prozedur an hie stellt e weidere Schrëtt duer a Richtung administrativ Vereinfachung.

Fir d'CSV-Fraktioun ass et wichteg, datt Lëtzebuerg lues a lues erëm zu engem Land gëtt vun de kuerze Weeër tëschent de Verwaltungen, de Gemengen, de Betriber an de Bierger. Dat dréit dozou bäi, fir d'Kompetitivitéit vun de Betriber ze verbessern a fir de Standuert Lëtzebuerg erëm méi attraktiv ze maachen.

Den Entfesselungsplang fir Betriber vun 2007 huet de Kader gesat an d'Marschroute virginn, fir mëttelfristeg de Betriber d'Liewe wesentlech méi einfach ze maachen. Mir begreissen, datt en Departement vun der administrativer Vereinfachung beim Statsministère geschaf ginn ass. Dat gëtt dëser Problematik méi e groust Gewicht a stäerkt d'Duerchschlagskraaft vun deenen, déi d'administrativ Vereinfachung koordinéieren a virundreiwe sollen.

Et kënnen nämlech nëmmen zolidd Verbesserungen an dësem Beräich zustane kommen, wann all d'Ministernen an d'Verwaltungen mat agebonne sinn, wa se och alleguer matzéien.

De Regierungsprogramm ass ambitiéis a puncto administrativ Vereinfachung, a mir wiere frou, wann d'Regierung eng Schépp géif noleeën, fir dëse Programm och méiglechst schnell ëmzesetzen.

Wat nu méi prezis d'Autorisationsprozeduren ubelaangt, sou ass am Regierungsprogramm virgesinn, d'Délaien an d'Prozeduren, déi a verschiddene Gesetzer festgeluecht sinn, besser openaner ofzestëmmen, se besser ze synchroniséieren an all Double emploi ze vermeiden, besonnesch am Beräich vun den Ëmweltetüden, déi sech oft iwwerschneiden.

Mir invitéieren also d'Regierung, dat ze maachen, gradesou wéi eng detailléiert Analys iwwert d'Noutwendegkeet vun de bestoenden Autorisationsregimer virzehuelen an nëmmen déi legal Exigenze bäizebehalen, déi onbedéngt néideg sinn.



Et muss och, esou wéi de Statsrot drop insitéiert huet, derfir gesuergt ginn, datt eis Reglementer an eis Gesetzzer vun hirer Ausaarbechtungsphas u konform si mat den europäeschen Normen a besonnesch zur Direktiv „services“, well hie jo indiquéiert huet, datt en an Zukunft vill méi staark dorobber wäert oppassen an och wäert insistéieren.

Mir begréisze wéi gesot d'Verbesserungen an d'Erliichterungen, déi dës Gesetzesprojet an der Kommodo-Inkommodo-Prozedur bréngt. E weidere wichtege Schrëtt muss awer gemaach ginn duerch d'Schafung an de beschten Délaie vun deene scho virdrun ernimmte Guichet unique „autorisations“ a Guichet unique „urbanisme“, an och duerch d'Aféierung vum „e-commodo“, souwuel wat den elektroneschén Dépôt vun der Demande ubelaangt wéi och déi permanent elektronesch Novollzéibarkeet vum Traitement vun der Demande duerch déi eenzel Instanzen, wat sech op Englesch „tracking“ nennt.

Eng wesentlech Roll an der Kommodo-Inkommodo-Prozedur spillt awer och d'Reglement iwwert d'Nomenclature an d'Klassifikatioun vun den Établissements classés.

Et ass jo drop higewise ginn, datt dëst Reglement soll ofgeännert ginn. Mir hätte gären, datt dobäi duerch nei Aklasséierung vum enger ganzer Rei vun Aktivitéiten d'Genehmegungsprozedure vereinfacht ginn. Mir denken do virun allem un artisanal Aktivitéiten an un Aktivitéiten an enger ausgewiesener Gewerbe- oder Industriezon. Hei géif sech villfach eng Aklasséierung an d'Klass 4 opdrängen.

Des Weideren insitéiere mer drop, datt déi Administratiounen, déi mat Autorisationsregimer ze dinn hunn, mat genügend Personal dotéiert ginn an och esou reorganiséiert ginn, an d'Schafung vu Guichets uniques soll e Bestandteil vun esou enger Reorganisatioun sinn, datt se eng effikass Aarbecht kënne maachen am Intérêt vum de Betriber, am Intérêt vun de Gemengen an och vun de Leit.

Ech wëll lech, Här President, ofschléissend am Numm vun de Majoritéitsparteien eng Motioun iwwerreechen, déi d'Regierung dozou ureegt, déi vu mir ernimmte Punkten ze realiséieren.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- considérant la nécessité de faciliter les démarches administratives aussi bien pour les petites et moyennes entreprises que pour les communes et les personnes privées;

- considérant la création du Département de la Simplification administrative auprès du Ministère d'État et la volonté du Gouvernement d'accorder une priorité à la simplification administrative;

- vu les mesures de simplification administrative retenues par le programme gouvernemental de 2009 notamment en matière d'établissements classés;

- considérant les améliorations au niveau de la simplification et de l'accélération de la procédure «commodo-incommodo» prévues par le projet de loi sous rubrique;

- vu le projet de modification du règlement grand-ducal portant révision de la nomenclature et de la classification des établissements classés;

invite le Gouvernement

- à poursuivre et à intensifier ses efforts en matière de simplification administrative afin d'améliorer la compétitivité de nos entreprises ainsi que l'attractivité du site économique Luxembourg;

- à coordonner et synchroniser davantage les délais et les procédures prévus dans les différents textes législatifs, afin d'accélérer les procédures et d'éviter tout double emploi en matière d'évaluations environnementales;

- à créer dans les meilleurs délais les guichets uniques «autorisations» et «urbanisme» et à accélérer la mise en place des facilités «e-commodo», y compris un système de suivi électronique («tracking»);

- à simplifier la procédure d'autorisation pour les établissements classés par la réduction du nombre des établissements rangés en classe 1 et en classe 3 ainsi que par l'augmentation du nombre des établissements rangés en classe 4, sans pour autant négliger la préservation de l'environnement;

- à procéder à une analyse détaillée sur la nécessité des systèmes d'autorisations existants et à veiller à la conformité des lois et règlements aux normes communautaires, et notamment la Directive «services», dès la phase de leur élaboration;

- à doter les administrations concernées par les régimes d'autorisations du personnel suffisant et à les réorganiser de façon à ce qu'elles puissent effectuer un travail efficace dans l'intérêt des entreprises, des communes et des citoyens.

(s.) *Fernand Boden, Lucien Clement, Roger Negri, Ben Scheuer, Marc Spautz.*

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Fernand Boden. Als éischte Riedner ass den Här Eugène Berger agedroen. Här Berger, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Eugène Berger (DP).**- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëlt dem Rapporteur Merci soe fir säi Bericht, deen e gemaach huet, deen zimlech vollstänneg war an deen och souwuel dee schrëftleche wéi dee mëndleche beinhalt.

Ech soen him och Merci duerno als Spriecher vun der CSV, well dat eigentlech och e gudden Iwwergang gëtt op dat, wat ech hei wollt als Ufanksremarque maachen.

D'Motivatioun fir d'Reform vun deem Gesetz, wat mer haut diskutéieren, ass déi ominös Simplification administrative, mat där d'Regierung hofft, de Stat méi performant als Service Provider ze gestalten an de Betriber et ënner anerem méi einfach ze maachen.

Wat dobäi opfällt, ass, datt déi meeschte Gesetzzer, déi dës Regierung bei der Simplification administrative viséiert, der sinn, déi eppes mat der Ëmwelt ze dinn hunn. Wann ech kucken, am Koalitionsaccord vun 2009 si se opgezielt. Wat soll also vereinfacht ginn? D'Kommodosgesetz, d'Naturschutzgesetz, d'Évaluation des incidents sur l'environnement, d'Waassergesetz, d'Prévention des déchets.

Wa mer Atomkraftwierker hätten an och nach e Gesetz fir d'Atomkraftwierker, dann hätt d'Regierung wahrscheinlech och nach e Projet eraginn, fir och nach do eng Simplification administrative anzeféieren.

Ech mengen, mir sollen awer net vergiessen, datt de Schutz vu Mënsch an Ëmwelt hei och muss weider considéiert ginn. An et ass jo awer esou, datt dann de Schutz vu Mënsch an Ëmwelt an déi vermeintlech lästeg Gesetzzer, déi et an deem Beräich gëtt, op alle Fall an den Ae vun der Regierung d'Haaptursach schéngen ze sinn, firwat et hei zu Lëtzebuerg net virugeet.

Här President, d'Chambre des Métiers zum Beispill mat hire Betriber ass awer net onbedéngt darselwechter Meenung wéi d'Regierung. 2004 hu se schonn eng Etüd gemaach an d'Betriber gefrot, wat an deenen hiren Aen déi gréissten administrativ Problemer wieren a wou d'Betriber sech géifen déi meeschte Simplificatioun wënschen.

D'Resultat vun där Etüd an Ëmfro ass kloer: D'Betriber hunn dobäi gesot, datt nëmme 5% - nëmme 5%! - vun administrative Chargen an Opwand am Beräich vun Ëmweltgesetzzer fir si ze fanne sinn. Dat heescht also, 95% vu Schwieregkeeten, wou se sech Simplificatioun wënschen, sinn an anere Beräicher ze fannen, a si soen dat och.

Déi meeschte Betriber gesinn e Bedarf haapt-sächlech bei de Sécurité-sociale-s-Gesetzzer, bei der TVA an den direkte Steieren. Dat bräicht een also eigentlech net weider ze kommentéieren.

(Interruption)

Sécherlech kann een all Gesetz duerchforsten a kucken, wat ee ka straffen a vereinfachen. Duerfir hu mir u sech och kee Problem, wann elo kleng Korrekturen - well eng richtig Reform vum Gesetz ass et jo och awer net -, wann elo kleng Korrekturen um Kommodo-Gesetz gemaach ginn a mir wäerten dat Gesetz och stëmmen.

Mä wann d'Regierung wierklech wëllt eng seriö Simplification administrative ugoen, da soll se och déi richtig Gesetzzer op de Leescht huelen, an dat sinn net, oder net eleng, déi verschidden Ëmweltgesetzzer.

Ech recommandéieren also och der Regierung, vläicht eng Kéier déi Etüd vun 2004 - ech hunn och en Exemplar a menger Mapp -, eng Kéier do e Bléck drop ze werfen a sech da vläicht nach eng Kéier nei Gedanken ze maachen iwwert d'Simplification administrative.

(Interruption)

Eng aner Considéatioun, déi een och soll am Kapp halen, ass, datt iwwer 50% vun den Dossierien, déi an der Ëmweltverwaltung erakommen - well hei geet et jo haapt-sächlech ëm d'Ëmweltverwaltung bei dësem Gesetz -, inkomplett sinn a verschiddener einfach onzoumuttbar sinn.

Wann zum Beispill e Betrib, eng Firma fir e Kommodo fir Klass 1 e puer Säiten - ech soen emol - Literatur an iergende Kadasterplang draleet, dann dierf een do enger Verwaltung oder engem Gesetz net e Virwurf maachen, datt déi ze komplizéiert wieren, datt déi ze vill komplex wieren an datt déi engem géifen d'Liewe schwéier maachen.

Ech mengen, wa Betriber seriö hir Demande eraginn, en uerdentlechen, kompletten Dossier ofliwweren, da kënne se och dovunner ausgoen, datt do kee Gesetz se drun hënnert an datt do och d'Verwaltung wäert dann an den Délaie hir Autorisatioun ausstellen.

Eng lescht préalabel Remarque, Här President, déi ech wëlt dann och maachen, ass, datt, och wa mer d'accord sinn also mat deem, wat mer elo hei wäerte stëmmen, an domat, datt verschidde Prozedure verkierzt an och vereinfacht gi beim Kommodosgesetz, ech och einfach nach eng Kéier wëll rappeléieren, datt ëmmer erëm muss garantéiert sinn, datt dat net dierf zum Nodeel vum Schutz vum Mënsch a vun der Ëmwelt sinn. Dat ass jo awer d'Grondsenz vun dëse Gesetzzer, an dëst Objektiv dierfe mer net aus den Ae verléieren.

Bon, dës puer méi generell Remarques - awer fir mech wesentlech Remarques - gemaach, géif ech da prezis op een, zwee Punkte vum Gesetz agoen. Ech ginn net an den Detail, well de Rapporteur huet dat jo scho gemaach. Ech wëll een, zwee Punkten erausgräifen.

Ech mengen, positiv muss ee virun allem zrëckbehalen, datt d'Procédure de recevabilité elo gestrafft gëtt an datt domat kënnen Délaie a Waardezäiten, oder ech soen emol, eng On-sécherheetsphas kann ofgebaut ginn. Konkret heescht dat jo: Wann een en Dossier eragëtt an d'Verwaltung an déi mellt sech net innerhalb vu 15 Deeg, da geet een dovunner aus, datt dann den Dossier recevabel ass, respektiv, wann en net an der Rei ass, kritt een en och an deene 15 Deeg zeréck. Dat si kloer Délaie, da weess een, wou een drun ass.

Well effektiv konnt dat an der Vergaangenheet eng Ursaach si fir Verzögerungen: Wann zum Beispill d'Verwaltung zousätzlech Piéce da gefrot huet, well den Dossier net komplett war, sinn nei Délaie ugelaaf an esou weider. Elo ass dat kloer.

En zweete Punkt, deen ech wëlt eraussträichen, deen ech awer vill méi kritesch gesinn, dat ass dee vun dem Contrôle en aval bei der Kompatibilitéit vun den Demandé mat dem PAG. Konkret handelt et sech ëm dee Punkt, datt e Betrib nëmmen dierf do autoriséiert ginn, wou och de kommunale Bebauungsplang dat erlaabt.

Virdrun huet d'Verwaltung dëst kontrolléiert; dat huet sécherlech vläicht en zousätzlechen Aarbechtsopwand bedeit, e bëssen Zäit. Mä elo geet et jo eigentlech dann duer, datt de Buergermeeschter e Certificat ausstellt a seet: „Et ass an der Rei, op deem Terrain dierf dat do gebaut ginn.“ An ech muss soen - mat allem Respekt fir déi vill Député-mairen, déi mer jo hei an der Chamber hunn -, mä esou vill Vertrauen hunn ech elo awer net an all d'Buergermeeschteren hei am Land,...

(Brouhaha)

...datt se dat ëmmer sachgerecht richtig maaichen, an dat riskéiert awer emol zu Certificats de complaisance ze kommen.

(Interruptions diverses)

Här President, ech mengen, ech muss e Beispill ginn, fir datt ech hei d'Gemiddler ka berouegen. Et ass elo keen hei aus eiser éierewäerter Enceinte; mä ech kommen aus enger Gemeng - ech kommen aus enger Gemeng, fir déi net ze nennen -, do ass dat schonn esou ähnlech geschitt.

Do huet de Buergermeeschter eng Autorisatioun gi fir Luxus-Seniorewunnengen, en huet déi do ginn, obwuel den Terrain net duerfir klasséiert war - an nach ëmmer net ass! De Chantier gouf gestoppt, de Betrib krut kee Kommodo, well et jo eigentlech awer net do erlaabt war, obwuel de Buergermeeschter eng Baugenehmegung ginn huet - haut géif en dann e Certificat ginn. Haut huet de Betrib d'Dieren opgemaach, e mécht Reklamm um Radio.

Iwwregens muss ech och soen, datt hei den Nohaltegkeetsminister net seng Hausaufgabe gemaach huet, en huet net do bis zum Schluss duerchgegraff, mä egal!

Wa mer do also dat géifen an déi nei Prozedur, déi mer haut da stëmmen, drasetzen, dann ass et eigentlech esou, datt elo de Betrib - eigentlech illegal, well en huet jo net déi erfuerderlech Autorisatiounen au départ -, mä datt dann de Betrib haut géif an enger soi-disant Legalitéit kënne seng Dieren opmaachen. Nëmme fir als Beispill ze soen, mat esou enger Dispositioun maache mer d'Dieren op fir Mëssbrauch a Certificats de complaisance.

Här President, et ass gutt, wann een d'Prozedure strafft, wann d'Betriber uerdentlech Dossierien eraginn, fir datt et virugeet. Wat awer gradesou wichteg ass, dat ass, datt genuch Personal do ass, fir déi sëllege Dossierien ze traitéieren. An der Moyenne muss d'Verwaltung am Joer 1.500 Dossierien traitéieren. Dat ass ee ganze Koup, besonnesch wann ee weess, datt

dat zum Deel méi komplex Dossierien sinn. Dat sinn Dossierien heiansdo vun honnerte vu Säiten, déi ee muss traitéieren. Ech weess, datt d'Beamten - ech weess dat wierklech aus Erfahrung - exzellent Aarbecht maachen, do ass absolut kee Virwurf ze maachen, au contraire!

Mä mat deene villen Dossierien a mat deene grouse Volumen un Aarbecht wier et och onbedéngt noutwendeg, datt d'Verwaltung zousätzlech Personal krit. Am Gesetz sinn e puer Poste virgesinn, dat kann ech op alle Fall begrëssen. Mä ech fäerten, datt dat awer och net op méttel oder laang Siicht duergeet, datt also mussen zousätzlech Efforten an deem Beräich gemaach ginn.

Fir uerdentlech Aarbecht ze maachen, brauchen d'Beamten dernieft och adequat Outilen, uerdentlech Büroen, an ech froe mech, ob dat op der Cloche d'Or nach de Fall ass. Bon, d'Verwaltung soll jo an den nächste Joren op eng aner Plaz kommen, mä da muss op alle Fall garantéiert sinn, datt se kënnen uerdentlech do ënner uerdentleche Konditiounen schaffen.

Da muss et och d'Zil sinn, fir eis Ressourcen an der Verwaltung optimal ze organiséieren, fir datt d'Beamten hir Aufgaben ënner beschte Konditiounen kënne maachen. Duerfir ass et och noutwendeg, datt mer déi Verwaltung géifen engem Audit ënnerzéien, fir se opgrond vun deenen Erkenntneser, déi sech doraus géifen erginn, besser, méi effizient kënnen opzestellen.

Well d'Organisatioun vun der Verwaltung, wéi mer se haut hunn, dat ass nach eng aus de 70er Joren, wa meng Erënnung richtig ass, aus den Ufäng vun der Ëmweltpolitik hei zu Lëtzebuerg. A mir wëssen alleguerten: Mëttlerweil hunn d'Ufuerderungen un d'Verwaltungen a ville Beräicher fundamental changéiert. Insbesonnesch sinn all déi europäesch Direktiven erakomm, déi enorm vill nei, aner Aufgaben der Verwaltung opdroen, déi awer net an där Logik opgestallt ass.

Dat ass net nei, wat ech soen, dat hunn ech schonn 2003 gesot, an a menger Fonctioun deemools als Statssekretär hat ech eng Initiativ geholl, fir en Audit ze lancéieren, sou wéi ech dat virdrun och schonn deemools, am Joer 2001, bei der Forstverwaltung gemaach hat. Bon, mir kennen d'Geschicht: 2004 ass en neie Minister komm, 2009 nach en anere Minister, mä bis haut ass näischt, ass kee Suivi komm vun där Saach, déi ech lancéiert hat a puncto Audit a noutwender Reform vun der Verwaltung.

Duerfir mäin Appel un d'Regierung, fir dëst endlech unzegoen, well dat am Sënn vun der Verwaltung ass, vun de Beamten, dem Service un de Bierger an de Betriber, an net zulescht och am Sënn vum Schutz vu Mënsch an Ëmwelt.

An, Här President, ech hunn elo keng Motioun preparéiert, well ech weess, datt déi gréng schonn eng virdu preparéiert haten, déi also och d'Regierung opfuert, fir en Audit ze maache respektiv eng Reform vun der Verwaltung unzegoen. Ech hunn awer déi Motioun mat bei deene Gréngen ënnerschriwwen - fir ze soen, datt also dat dann och do nach eng Kéier zum Ausdruck kënnt.

Dat gesot also, géif ech awer nieft deene kritesche Remarques den Accord zu dësem Gesetz vu menger Fraktioun erabréngen.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Berger. Als nächste Riedner ass den Här Roger Negri agedroen. Här Negri, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Roger Negri (LSAP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, als Éischt wëll ech dem Rapporteur Fernand Boden Merci soe fir seng zwee exzellente Rapporten an him och als President Merci soe fir déi gutt Zesummenaarbecht, déi mer an der Nohaltegkeetskommissioun hunn.

Am sougenannte Kommodo-Inkommodo fir d'Genehmegung vun Installatiounen a Konstruktione fir Betriber jeglecher Natur, sief dat Industrie-, Agrar- an Offalbetriber, Infrastruktur-, Energie- a Waasserprojeten an esou weider, dem Établissement-classé-Gesetz also, wëlle mir mat deem Projet de loi 6171 vun haut zwee Ziler haapt-sächlech ëmsetzen.

Engersäits sollen déi nei Betriber an Installatiounen en héije Schutzniveau fir d'Gesondheet vum Mënsch a fir d'Erhale vun enger propperer Ëmwelt garantéieren, woubäi d'Bierger e Mat-sproocherecht hunn, wann et ëm hir Liewensqualitéit geet; an zweetens, anerersäits sollen



d'Betriben, déi sech wellen implantéieren oder zousätzlech nei Aktivitéiten schafen, am Sënn vun hirer optimaler Kompetitivitéit schnell a korrekt doriwwer informéiert ginn, ob se e bestëmmte Projet op där gewënschterer Plaz realiséieren kënnen, an och, ënner wat fir enge Bedingungen.

Dat bedeit, dass d'Genehmigungsprozeduren net ze laang dierfen daueren an och zilorienéiert mussen opgebaut ginn. Grad awer op deem Punkt gëtt et an der Praxis Problemer. Et gëtt regelméisseg Reklamatiounen vu Säite vun den Entrepreneuren, dass d'Prozeduren net transparent sinn an dass se ze laang daueren.

Och eise Wirtschaftsminister Jeannot Krecké huet mat Recht schonn öfters drop higewisen, dass mir als Standuert u Kompetitivitéit verléieren, well d'Entrepreneuren do no engem neie Site sichen an hei zu Lëtzebuerg an deem Fall net schnell genuch kloer Äntwerte kréien.

D'Direktiv „services“ 2006/123, déi mer viru kuerzem hei an nationaalt Recht ëmgesat hunn, bitt eng ganz einfach Léisung fir dëse Problem un: Si féiert de Prinzip vum „silence vaut accord“ an a gesäit vir, dass am Prinzip automatesch eng Autorisatioun verläit, wann d'Administratiounen net bannent dräi Méint geäntwert hunn. D'EU-Direktiv gesäit awer och Ausnahmen zu deem Prinzip vir a bestëmmte Fäll.

Als LSAP si mir der Meenung, dass am Kommodo-Inkommodo grad de Prinzip vum „silence vaut accord“ net kann esou einfach ugewannt ginn. De Prinzip, dass e Betrib, deem op dësem Wee automatesch eng Autorisatioun kritt hätt, nëmme well d'Administratioun net séier genuch konnt reagéieren, a wou de Betrib awer net virun déi ugeschwaten néideg Konditiounen erfëllt, fir Mënsch an Ëmwelt ze protegéieren, geet fir d'LSAP einfach ze wäit, an e Mëttelwee muss fir all Säiten akzeptabel sinn.

Den Challenge hei, dee misst doranner bestoen, dass d'Genehmigungsprozedure kloer verkierzt ginn, ouni un hirer Qualitéit ze verléieren. Am Gesetz vun haut sinn all Délaien iwwerpréift ginn a wou et méiglech war, och deementsprechend gekierzt ginn.

Sou muss zum Beispill de Requérant bannent 15 Deeg gesot kréien, ob seng Demande recevable ass. Hei gëllt awer de Prinzip „silence vaut recevabilité“. Den Délai, bis weini muss gesot ginn, ob en Dossier komplett ass, gouf erfroeg, a virun allem kann d'Administratioun, wéi den Här Rapporteur scho gesot huet, nach just eng Keier nofroen, fir zousätzlech Informatiounen ze kréien.

Déi meeschten Zäit kann zousätzlech zu dëse verkierzten Délaien awer gewonnen ginn, wann en Dossier, deem zur Genehmigung virgeluecht gëtt, vu virera komplett ass a vun héijer, gudder Qualitéit ass. Heimat sinn also béid Säite gefuerdert, engersäits d'Betriben mat engem gudden Dossier, an da kënnen d'Verwaltungen an deem Fall och a mussen dann och gutt a séier schaffen a reagéieren.

Dozou gehéiert eng transparent Reglementatioun a virun allem e permanenten Uspriechpartner fir d'Betriben, wou se konkret an effikass berode ginn, de Guichet unique deemno.

Ob d'Délaien elo ze vill oder net genuch gekierzt gi sinn, dat muss sech elo no enger Zäit an der Praxis weisen. Den Drock op d'Verwaltungen dierf och net esou grouss ginn, dass d'Dossieren nach just iwwerflächlech kënnen gekuckt ginn. Well dat kann och kontraproduktiv sinn an zu méi Refusé féieren, wann d'Fonctionnaires an de Verwaltungen sech net déi néideg perséinlech Rassurancen iwwer en Dossier konnte verschafen, éier den Délai ofleef, an da virun hirem Gewëssen - wat een nëmme allze gutt verstoe kann - am Zweifelsfall e Refus aussprechen.

Dofir brauchen déi zoustänneg Verwaltungen och genuch a gutt forméiert Leit, fir d'Délaien kënnen ze respektéieren, ouni dass d'Qualitéit vun hirer Aarbecht awer dorënner leit.

An deem Kader well ech och nach drop hiweisen, dass all eis Efforten, fir de Betriben méiglechst héich Standarden ofzeverlaangen an hinne nëmme eng Genehmigung ze ginn, wa se um neiste Stand vun der Technik sinn, net vill notzen, wann et herno keng systematesch Kontrolle gëtt, déi och mat seriöser Konsequenz verbonne si fir déi Betriben, déi sech net un d'Oplagen halen, déi se bei hirer Autorisatioun gemaach kruten. Och hei mussen déi zoustänneg Verwaltungen genuch qualifizéiert Personal kréien, fir déi Kontrolle kënnen ze maachen.

Här President, am Projet de loi vun haut sinn och Vereinfachungen fir Betriben virgesinn, deenen hir Aktivitéiten an zwou verschidde

Kommodosklassen falen - ass scho gesot gi vum Här Rapporteur. An deem Kontext well ech drun erënneren, dass d'Modifikatiounen vum Gesetz selwer, iwwert dat mer haut ofstëmmen, awer just een Deel vun den Erlichterungen duerstellen, déi bei de Prozeduren solle gemaach ginn.

Ee ganz wesentlechen Impakt hunn hei déi ausführend Reglements grand-ducaux. Besonnesch de Règlement grand-ducal, deem definéiert, wat fir eng Betriben a wat fir eng Klass falen, entscheet jo doriwwer, ob eng méi oder manner laangwiereg Prozedur gemaach muss ginn an ob eng Enquête publique dozou gehéiert oder net. Dofir gëtt schonn zënter ville Joren doriwwer geschwat, dass dës Nomenclature onbedéngt misst iwwerschaft ginn.

Et sollt analyséiert ginn, ob déi jeeweileg Kommodosklassen an hir Prozeduren am Verhältnis zu de reellen Nuisancen a Risiken vun engem bestëmmten Typ vu Betriben stoe géifen. Dat ass och elo geschitt, mä leider konnte mir als Chamberskommissioun eis kee konkret Bild vun dësen Verännerungen maachen, well mir den Avant-projet de règlement grand-ducal eréischt gëschter kritt hunn.

Mir sinn eis heibannen alleguer bewosst, dass d'Chamber vun hirer Aarbechtsdeelerung hier net zoustänneg ass fir déi ausführend Reglementer an dass de Minister d'Chamber net konsultéieren muss, wann en e Règlement ausschafft. Allerdéngs gëtt et regelméisseg Fäll, wou e Règlement grand-ducal engem Gesetz eng bestëmmten Ausrichtung ka ginn, sou dass et fir d'Chamber kann interessant sinn, en Avant-projet ze gesinn, nach éier e Gesetz selwer gestëmmt gëtt, well mer als Deputéiert da besser de Gesamtkontext vum Gesetz aschätze kënnen, éier mer doriwwer ofstëmmen.

Mir schwätze jo vill vu Participatioun, a ganz besonnesch am Kader vun der Kommodosprozedur vum Matsproocherecht vun de Bierger. An dat am Sënn vun der Aarhus-Konventioun, déi mir jo viru Joren hei gestëmmt hunn, déi virschreift, dass déi sougenannten Zivilgesellschaft konsultéiert gëtt, wa wesentlech Reglementer am Beräich vum Ëmweltschutz geännert ginn.

Bon, ech hunn awer elo festgestallt, dass de Mouvement écologique als Ëmweltorganisatioun e Bréif un d'Ministère Wiseler a Schank adresséiert huet, aus deem ervirgeet, dass dës Organisatioun en Avant-projet de loi och schonn hat. Dee Bréif ass datéiert op den 1. Juni 2011. Bon, eis Chamberskommissioun hat, wéi gesot, dëst Dokument net, huet et gëschter kritt. Mir haten also deemno net wéi d'Zivilgesellschaft d'Méiglechkeet, eis mat deene geplangten Ëmännerungen an deem Dossier do ze beschäftegen. Bon, ech mengen, dat entsprécht net eisem Verständnis vun Transparenz an enger gudder legislativer Praxis!

D'LSAP-Fraktioun ass der Meenung, dass, wann e Projet fir e wichtege Règlement grand-ducal faerdeg ausgeschafft gëtt an un ONGe geschéckt gëtt pour avis, wat och ganz gutt a richtig ass, dann awer och déi jeeweileg Chamberskommissioun den Text zum selwechten Zäitpunkt kréie soll, zemoos, wa se dat och freet.

Mir hätten dofir de Projet de loi, dee mer hei virleien hunn, vläicht net onbedéngt geännert, mä mir hätten eis awer vläicht besser doriwwer informéieren kënnen, iwwert déi praktesch Auswierkung vun der Simplification administrative am Beräich vun de Genehmigungen fir d'Établissements classés.

Sou beschweiert sech zum Beispill hei an deem Fall de Mouvement écologique an deem virgeannnte Bréif virun allem iwwer eng Rei vun Aktivitéiten vu Baurebetriben, déi deemnächst vun der Kommodosklass 1 an 2 am Règlement grand-ducal ëmgeännert solle ginn an deemno net méi zum zoustänneg Minister, mä vum Buergermeeschter solle genehmegt ginn.

Bon, dat kann een als Simplification administrative ugesinn, mä zum Beispill en neie Schwäistall mat iwwer 500 Fierkelen, do kann ee sech awer eventuell Froen stellen, ob dat esou richtig ass. An dat hätt een do kënnen an der Kommissioun diskutéieren.

Am Gesamtkontext wär et also deemno interessant gewiescht fir d'Kommissiounsmemberen, fir esou Saachen nozefroen, wat fir eng Konsequenzen déi verschidden Ëmännerungen an de Kommodosklassen am Zesummenspiel mat der Législatioun iwwert den Naturschutz an och anerersäits den Aménagement communal gehat hätten.

Bei den Industriebetriben ass et jo souwisou opgrond vun de PAGe kloer, dass déi sech nëmme an Zone kënnen nidderloossen, déi dofir virgesi sinn a wou och schonn am Kader vun der PAG-Prozedur Ëmweltaspekter gepréift goufen. Bei de Baurebetriben ass dat e bëssen anescht. Si kënnen als eenzeg, an dat ass och

gutt esou, an enger Zone verte eng Baugenehmigung kréien.

Eng Diskussioun doriwwer, wéi d'Établissements classés an der Nomenclature ageuerdnet ginn, wär dofir wierklech net onnëtz gewiescht. Mä eise Minister kann eis vläicht herno kuerz soen, wéi séchergestallt gëtt, dass de Gesamtimpakt vu verschidde Betriben op d'Ëmwelt an d'Gesondheet genuch berücksichtegt gëtt. A vläicht kann de Minister sech jo herno dat eent oder dat anert fir säi Règlement grand-ducal an deem Sënn nach vläicht eng Keier iwwerleeën.

Zum Projet de loi selwer ginn ech domadder den Accord vun der LSAP-Fraktioun a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - An ech soen dem Här Roger Negri Merci. Als nächsten a gläichzäiteg leschte Riedner ass den Här Camille Gira agedroen. Här Gira, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Camille Gira (déi gréng).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi gréng wäerten net géint dëse Projet stëmmen. Et kann ee jo net dergéint sinn, wann eng Verwaltung, déi scho jorelaang d'Aarbecht net méi packt, méi Leit kritt. An et kann ee jo och net dergéint sinn, wann een zumindest emol versprach kritt, dass d'Délaien, fir Kommodosautorisationen auszustellen, solle verkierzt ginn.

déi gréng stëmmen och net dergéint, och wa mer gradesou bedauere wéi de Roger Negri, dass mer dee Règlement grand-ducal gëschter Owend eréischt um Courier haten. An och ouni den Abschied vum Muck Huss gëschter Owend wier et awer schwierig gewiescht, 50 Säiten extrem technesch Matière iwwer Nuecht ze verdauen. Sou dass mer eis hei d'Recht virbehalen, déi eng oder aner Kritik méi spéit unzëbréngen.

Wann een dat do net all Dag a sengem Alldag ze bewältigen huet, dann ass et schwierig, ouni och kënnen Réckfro ze huele mat Beamten aus der Verwaltung, ze klären, ob dann elo hei d'Reforme administrative oder d'Simplification administrative uwestoung oder d'Qualitéit vun der Ëmwelt. Mir behalen eis d'Recht vir, a Rou de Règlement grand-ducal ze studéieren an dann eis Kritiken a Commentairen unzëbréngen.

Mir stëmmen och net géint de Projet, obwuel eigentlech - an dat ass schonn e bëssen e verwonnerleche Virgang! - laanscht deem hei Règlement grand-ducal, wou eigentlech all Aktivitéiten ënner Kommodo falen, den Här Biltgen an enger Nacht-und-Nebel-Aktioun extra fir d'GSM-Antennen en neie Règlement grand-ducal an d'Welt gesat huet. An Dir hutt vläicht scho matkritt: Mir fannen dat skandaléis, wat do geschitt ass! Mir hunn och scho gefrot, dass déi zoustänneg Kommissiounen sollten zesummekommen.

An dräi Wieder, well ech awer an deem hei Kontext erwähnenswürdig fannen, wat do geschitt ass: Dir kënnt lech erënneren, dass an engem Prozess iwwer eng Antenn zu Krautem d'Gericht - an dräi Wieder a vereinfacht - gesot huet: „Léif Regierung, Dir hutt kee Règlement grand-ducal, deem d'Strooss hält. Äre Règlement grand-ducal, deem déi Matière do bestëmmt, deem ass net rechtskräfig.“

Da wier et jo logesch gewiescht, dass de Minister zesumme mam delegéierten Nohaltegekeetsminister gekuckt hätt, am Kader vun der Reform vun dem Kommodo derfir ze suergen, dass net nëmme dem Buschtaf vum Uerteel, mä och dem Inhalt vum Uerteel soll Rechnung gedroe ginn, nämlech de Schutz vun de Leit par rapport zu de GSM-Antennen ze verbessern. Ëmsou méi, wa mer awer gewuer si ginn an der leschter Zäit, dass et ëmmer méi evident gëtt, dass déi Antennen do awer zumindest mat Virsicht ze geniesse sinn, wat d'Répercussioun op d'Gesondheet vun de Mënschen, déi am Ëmfeld wunnen, ubelaangt.

Abee, wat huet den Här Biltgen gemaach, an zu wat féiert dat, wat e gemaach huet? Mä, an der Praxis, hu Spezialisten eis gesot, dass praktesch fir keng GSM-Antenn méi eng Kommodosgenehmigung fälleg ass. Mir fannen dat wierklech skandaléis. An ech kann lech soen, mir wäerten dat net esou stoe loossen. Mir wäerten och do derfir suergen, dass dat dobausse bekannt ass. Ech wier frou, dass mer, wann et elo net méi méiglech ass virun der Vakanz, mä dann am September awer déi Kommissiounen géifen zesummekréien.

An der Praxis ass et e bëssen esou, wat den Här Biltgen gemaach huet, ass eigentlech Folgendes: Et wier, wéi wann e Gericht gesot hätt zum Transportminister: „Ma Äre Règlement grand-ducal, dass d'Leit mussen mat 50 duerch d'Uertschaft fueren, deem ass net rechtskräfig“, wann den Här Transportminister dann eng Reglementatioun gesot hätt, wou eigentlech drasteet: Jiddweree kann elo esou séier duerch d'Dierfer fueren, wéi e wëllt. Dat

illustréiert dat, wat den Här Biltgen hei gemaach huet. A mir fannen dat skandaléis a verstinn och net, wéisou dat do net a Koordinatioun mam Ëmwelt- oder Nohaltegekeetsminister an dem Gesondheitsminister gemaach ginn ass.

déi gréng wäerten awer och net fir de Projet de loi stëmmen. Déi Leit...

(*Interruption*)

Neen, déi Leit... Här Boden, Dir wäert gesinn, wa mer an een, zwee Joer de Rapport d'activité vum Nohaltegekeetsministère kréien, wäerte mer feststellen, dass d'Kommodosgenehmigungen och mat deenen neien Délaien net wäerten d'Délaien anhalen. Mir sinn der Meenung, dass déi puer Leit, déi d'Verwaltung do kritt, net duer wäerte goen, fir déi schéin Délaien, déi elo am Gesetz stinn, anzehalen. Ech fannen, do gëtt sech an d'eegen Täsch gelunn!

Wat notzt et engem Betrib, deem an engem Gesetz e schéinen Délai stoen huet fir säin Dossier, an deem dann awer muss feststellen, well nach ëmmer net Leit genuch op där Verwaltung sinn, dass en dann awer éiweg muss op säin Dossier waarden?

Et wier jo awer logesch, wann een elo erëm liest, dass eng Economie 4,9% gewuess ass, anscheinend; dat heescht jo och, dass esou vill Aarbechtsplaze geschaf si ginn, dass esou vill nei Betriben komm sinn, dass esou vill nei Kommodosgenehmigungen, ënner anerem Autorisationen ze maache sinn, da wier et jo och eigentlech logesch, dass ee säi Personal an deene jeeweileg Verwaltungen deementsprechend upasst.

Ech hunn elo mat Freed héieren, dass een anscheinend deemnächst Subside kritt, wann een e Pedelec keeft. Iergendee muss jo och déi Subside kontrolléieren an ausbezuelen. Wann ech gutt am Bild sinn, soll dat och erëm d'Ëmweltverwaltung sinn. Jo, wie bezilt se dann aus? Oder maache mer et erëm wéi bei der TVA? Maache mer et wéi bei de Subside fir Solaranlagen? Mir incitéieren d'Leit, mir soen: „Super, macht dat!“ An d'Leit maachen dat, a si waarden a si waarden! A vläicht ass de Pedelec scho futti, ier se hire Subsid kritt hunn.

Dat ass wierklech keng gutt Politik. Wann een A seet, da misst een och B soen. A mir hunn dat Gefill, wéi wann hei eppes tëschent A a B gesot gi wier. Et kommen erëm e puer Leit bäi, mä et wäert net duergoen, fir alles dat, wat dann d'Regierung do positiveweis an deem Beräich wëlle huet, ze maachen.

Et ass awer och, wat d'Reform vun der Verwaltung ubelaangt, an eisen Ae Gepléischters. Eng Plooschter op en hélzent Been, wéi een esou schéi seet. An ech kann nëmme dem Virriedner Eugène Berger zoustëmmen, dass definitiv eng grondleeënd Reform vun där Verwaltung néideg wier. 1980 ass d'Basis geluecht ginn. Dat sinn 30 Joer hier. Ech mengen, dass et kaum e Beräich an eiser Gesellschaft gëtt, wou d'Entwécklung esou rasant war an där ganzer Ëmweltproblematik. Ech mengen, 1980 huet nach kee Mënsch vu Klimaschutz a Klimawandel geschwat. An d'Energiefro war och éischer eng ekonomesch Fro wéi dass et eng Ëmweltfro war.

Dofir wier et héich Zäit, géif et héich Zäit ginn, dass an déi Verwaltung Kompetenzen komme fir an deem do Beräich. Et ass och héich Zäit, dass mer wirtschaftlech Kompetenzen an dee Beräich kréien, wa mer endlech wëlle vun nohalteger Entwécklung schwätzen. Wa mer wëlle vun enger Integratioun vun deenen dräi Pilieren vun der nohalteger Entwécklung schwätzen, da geet et net duer, dass exklusiv Wirtschaftskompetenz am Wirtschaftsministère setzt an exklusiv Ëmweltkompetenz am Ëmweltministère! Da muss et och Wirtschaftsfachleit am Ëmweltministère ginn, an et muss Ëmweltfachleit am Wirtschaftsministère a beim Statec an op anere Plaze ginn.

Mir gesinn net, dass dat soll geschéien. An dofir gëtt esou eng Reorganisatioun ganz dréngend!

Wat eis awer mindestens gradesou um Häerz läit, dat ass, dass déi Verwaltung eigentlech och nach ni enger preventiver Roll ka Rechnung droen. Firwat huet déi Ëmweltverwaltung esou e schlechten Numm? Mä well se ëmmer de schwaarze Péiter kritt! Well ëmmer den Dossier zum Schluss kënn a well se eigentlech ni Zäit huet, déi wirtschaftlech Acteuren, déi privat Acteuren, och d'Gemengen dobaussen ze informéieren, ze sensibiliséieren, wann nei Theme kommen. Wann nei Normen kommen, da wier et jo dréngend noutwendeg, dass eng Verwaltung och emol als Alleréischte kéint déi jeeweileg Acteuren informéieren, sensibiliséieren.

Da géif et och vläicht net virkommen - an dat well ech awer och nach eng Keier hei erwähnen -, dass jo anscheinend 50% vun den Dossieren, déi erakomme beim Kommodo, iwwerhaupt net komplett sinn. Da soll een dat och



emol eng Kéier hei op där Tribün soen! Et läit nach laang net ëmmer un enger Verwaltung, wann et éiweg dauert, bis op e Kommodosdossier eng Genehmigung kann ausgestallt ginn, mä ganz oft läit et och un den Acteuren, déi dat selwer ginn. Mä wann natierlech eng Verwaltung emol net Leit genuch huet, fir hir Dosieren ze behandelen, wéi soll dann och dobaussen eng Sensibilitéit entstoën? Wéi soll dann déi néideg Informatioun passéieren, fir dass d'Dossiere vu vireran op dee richtege Wee geleet ginn?

Dofir fannen ech, gött et héich Zäit, dass déi Verwaltung endlech Moyaenë kritt, fir éischters genuch Leit ze hunn, fir d'Autorisationen ausstellen, mä derniewent awer och, fir endlech kënnen dat eent oder anert Departement opzebauen, fir no bausse proaktiv déi ganz Problematik unzegoen. Dat ass méi néideg wéi jee!

Dofir géif ech och opbauend op dee Virschlag, deen de Mouvement écologique all Mënsch an der Kommissioun geschéckt hat, mat liichten Ëmännerungen a mat der Ënnerstëtzung vum Eugène Berger an domat vun der DP eng Motioun an déi do Richtung erareeche.

Motion 2

La Chambre des Députés,

- considérant que le développement durable se fonde sur le concept d'une harmonisation plus étroite entre les intérêts écologiques, économiques et sociaux;

- considérant que la politique énergétique et la protection du climat sont les défis clés du développement durable;

- vu que l'Administration de l'environnement est un des acteurs essentiels au niveau de l'intégration d'aspects environnementaux et durables au niveau économique et vu que la composition et la structure actuelles de l'administration, datant dans son fondement de l'an 1980, ne correspondent plus aux exigences d'une administration moderne et efficace;

- vu que l'administration ne dispose même pas d'une section «énergie et protection du climat»;

- sachant que toute administration moderne promouvant le développement durable devrait pouvoir offrir des informations poussées envers le grand public et les acteurs économiques et que ce défi ne peut pas suffisamment être relevé actuellement par l'administration;

- estimant qu'une structure réformée et une démarche plus active de l'administration est autant dans l'intérêt de la protection de l'environnement que de l'économie et que cette réforme se situe dans le contexte de la réforme administrative préconisée par le Gouvernement;

- estimant qu'une réforme est indispensable afin de permettre à l'administration non seulement un traitement plus efficace et rapide de dossiers mais en plus une information et consultation plus poussées autant du grand public que des milieux professionnels concernés;

- estimant qu'une réforme s'avère d'autre part nécessaire afin que l'administration puisse davantage pallier aux exigences de la politique au niveau européenne et les conséquences en découlant pour notre pays;

- vu que la réforme de l'administration a déjà été retenue dans les programmes gouvernementaux de 2004 et 2009;

invite le Gouvernement

- à charger un bureau spécialisé avec l'organisation d'un audit de l'Administration de l'environnement aussi bien du point de vue thématique que de l'organisation;

- à entamer dans les meilleurs délais les travaux de réforme de l'Administration de l'environnement;

- à doter l'Administration de l'environnement des moyens financiers, organisationnels et de ressources humaines nécessaires afin de pouvoir mettre en œuvre cette réforme.

(s.) Camille Gira, François Bausch, Eugène Berger, Henri Kox, Josée Lorsché.

Zënter Laangem gött scho vun enger grondsätzlecher Reform vun där Verwaltung geschwat. Et misst ugoe mat engem Audit externe, enger Reorganisatioun, fir dass déi Verwaltung endlech déi eminent wichteg Roll, déi se muss spillen an eiser Gesellschaft, och spille kann.

Ech soen lech Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Gira. D'Wuert kritt elo den delegéierten Nohaltegkeetsminister Marco Schank.

Ah, den Här Hoffmann war net agedroen, mä e kritt awer bien entendu ganz gär d'Wuert. Här Hoffmann, Dir kritt d'Wuert.

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).**- Här Président, Merci fir d'Wuert. Ech mengen zwar, ech hätt gëschter..., et ass egal. Ech wëll net

nach eng Kéier op d'Detailer vum Gesetz agoen. Den Här Boden, den Här Rapporteur, huet se kloer genuch exposéiert. Den Här Berger, den Här Gira hunn eng Rei kritesch Punkten opgeworf.

Ech wëll e bësse méi prinzipiell vläicht zu der Problematik Stellung huelen. Mir hunn am Nohaltegkeetsplang, am éischten Deel vum Nohaltegkeetsplang opgezielt kritt - a relativ detailléiert - 14 negativ Tendenzen hei zu Lëtzebuerg am Beräich souwuel vun der ökologescher wéi der ekonomescher an der sozialer Entwécklung. Et ass iwwregens deen Deel vum Nohaltegkeetsplang, deen op déi meeschten Zoustëmmung gestouss ass, während deen zweeten Deel, do wou politesch Moossnamen entwéckelt gi sinn, vill méi kritesch belicht ginn ass.

Dorobber wëll ech net zrëckkommen, mä d'Fro ass, wéiwäit dass mer an eise Gesetzgebungen an och an dëser Gesetzgebung hei wierklech deenen negativen Tendenzen entgéintwierken an op déi Erausforderungen, déi do opgezielt sinn, reagéieren. An ech si mer net sécher, ob dës Reform vum Kommodosgesetz deenen Erausforderunge wierklech gerecht gött.

Et ass eng punktuell Reform, virun allem am Kader vun der administrativer Vereinfachung. Dat ass elo esou e Schlësselbegrëff, dee sech duerch eng Rei vu Reformen duerchzitt. Dergéint ass och prinzipiell näischt ze soen, wann dobäi d'Protektioun vun der Ëmwelt, d'Protektioun vun de Leit, déi an de Betriber schaffen, an d'Informatioun an d'Matsproocherecht vun de Bierger net ze kuerz kommen. Genau dat ass mir awer net kloer.

Ech muss lech och soen, mech stéiert et awer, dass dee Begrëff vun der „simplification administrative“ ëmmer nëmmen oder bal ëmmer nëmmen am Kontext vun der Kompetitivitéit vun eise Betriber opgefouert gött. Esou steet et och elo nach eng Kéier an der Motioun, déi den Här Boden hei déposéiert huet.

Ech géif awer mengen, administrativ Vereinfachung, dat géif all Bierger ugoen, dat misst all Kategorie vun der Bevëlkerung betreffen an dat misst eigentlech jiddwerengem zeguttkommen, an net nëmmen de Betriber respektiv hirer Kompetitivitéit.

► **M. Fernand Boden (CSV), rapporteur.**- Här Hoffmann, hei geet et ëm de Kommodo-Inkommodo.

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).**- Ech weess, dass et dorëm geet!

► **M. Fernand Boden (CSV), rapporteur.**- Jo?

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).**- Ech weess, dass et dorëm geet!

(Interruption)

Ech weess, dass et dorëm geet. Ech sinn awer der... Dir hätt awer kënnen... Dir schreift, an engem vun Ären Abschnitter ernimmt Dir d'Simplification administrative just am Zesummenhang mat der Kompetitivitéit vun de Betriber!

Hei geet et eben net nëmmen ëm d'Kompetitivitéit vun de Betriber, sondern et geet ëm d'Protektioun vun der Ëmwelt, ëm d'Protektioun vun de Leit, déi do schaffen, an net nëmmen ëm d'Kompetitivitéit! Dat heescht, ech mengen, dass een also och bei der Fro vun der Vereinfachung vun de Prozeduren dat do ëmmer muss mat am Kapp halen an och mat benennen.

Jiddefalls ass et noutwendeg, an do schlëssen ech mech och deene Wieder vum Här Berger a vum Här Gira un, dass souwuel d'Ëmweltverwaltung wéi och d'Gewerbeinspektioun, wëll ech awer derbäifügen, déi néideg Mëttele kréien, also och dat néidegt Personal kréien, fir d'Uwendung vun deem Gesetz hei am Sënn vun Ëmwelt a Mënsch ze garantéieren. An dofir ass also eng Reform och vun der Ëmweltverwaltung, mengen ech, tatsächlech noutwendeg.

Ech stelle mer eng grouss Fro, eng grouss prinzipiell Fro, an dat ass d'Fro vun der Relatioun tëschent deem Kommodosgesetz hei op där enger Säit an deenen aneren Niveaue vu Planung, Landesplanung, sektorielle Pläng, Urbanismus an de Gemengen. Ech hu gëschter gesot, dass et onbedéngt noutwendeg wier, dass bei der Étude préparatoire um Niveau vun der Gemeengeplanung d'Bevëlkerung misst abezu ginn. Ech wëll dat un engem konkrete Beispill illustréieren.

Wa Léiweng - d'Madame Lorsché huet dat de Mëtteg hei an hirer Uganksried zu Recht ernimmt - duerch déi virgelagert Instanze gaange wier, gréng Luucht kritt hätt, dann ännert och d'Kommodosprozedur net méi vill drun. Also, ech mengen, d'Konklusioun ass, dass onbedéngt, dass mer net mengen, mat der Kommodosprozedur hätte mer Mënsch an Ëmwelt protegéiert genuch, sondern d'Konklusioun ass, dass mer virun allem bei deene virgelagerte Prozeduren den Ufuerderunge vun der nohaltiger Entwécklung Rechnung droen.

An dofir mengen ech och, dass et onbedéngt noutwendeg wier, an engem vernünftegen Délaï eng Evaluatioun vun der Ëmsetzung a vun den Auswierkunge vun dësem reforméierte Gesetz ze maachen.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Hoffmann. Elo kritt d'Wuert den delegéierten Nohaltegkeetsminister Marco Schank.

► **M. Marco Schank, Ministre délégué au Développement durable et aux Infrastructures.**- Här Président, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Éischt wollt ech dem Président-rapporteur Merci soe fir deen ausféierleche mëndlechen a schrëfleche Rapport, wéi mer dat vun him gewinnt sinn.

Dee Projet, iwwert dee mer haut de Mëtteg schwätzen, dee reit sech an an déi ambitiéis Virgehensweis, fir am Zesummenhang vun der Simplification administrative aktiv ze ginn.

Ech wollt e spezielle Merci och der Kommissioun soen, well eigentlech ganz konstruktiv an deene sëllege Sétzungen de Projet traitéiert gouf. An och meng Félicitatioun eigentlech un den Departement vun der Simplification administrative ënnert dem Octavie Modert, wou mer ganz gutt Relatiounen zesummen hunn, fir och hei dee Projet insgesamt weiderzedreien, well mer jo net nëmmen dësen hunn am Kontext vun der Simplification, mä well dat heiten ee Puzzlestéck ass vun engem Ganzen.

Wichtig ass, dass ech nach eng Kéier répétéieren, wat souwuel vu Säite vun der Majoritéit wéi och vun der Oppositioun gesot ginn ass, dass an der Regierungserklärung daitlech gött, wou gesot gött, d'Regierung fiert weider mat der Revisioun vun de Genehmigungsprozeduren am Kontext vun den Établissements classés. An da steet do: «Les révisions viseront à adapter la nomenclature à l'évolution de la technique, à simplifier les procédures et à réduire les délais tout en gardant un niveau élevé de la protection de l'environnement et d'implication de la population.»

Och déi lescht zwee Wieder sinn ee wesentleche Bestanddeel. Dat heescht, dat, wat d'Regierungserklärung beschreift, dat, wat och de Mëtteg vu verschiddene Bänke beschriwwen ginn ass, ass net d'Quadratur des Kreises, wéi een heiansdo kéint mengen, mä et ass en Challenge, mengen ech, dee mer och mat dësem Projet, mat dësem Text eigentlech positiv evakuéiert hunn.

Natierlech geet deem engen den Text net wäit genuch, deem anere geet en ze wäit. Mä ech mengen awer, dass mer dat probéiert hunn, gutt ze léisen. An ech wëll och an deem Kontext op eis Verfassung hiweisen, wou 2007 am Mäerz den Artikel 11bis bäikommt ass, wou och daitlech gemaach ginn ass, dass de Prinzip vum Développement durable Agank fënnt, wou déi dräi Pilieren eng Roll spillen, gläichberechtegt d'Ekologie mat der Ekonomie an och deem vun der sozialer Kohäsioun.

Wéinst deene villschichtige Kompetenze vum Nohaltegkeetsministère ass et kloer, dass an dëser Matière dat meescht bei eis läit, dat heescht, mir am meeschte sollicitéiert ginn. Den Exercice vun der Vereinfachung vun der Ëmweltgesetzgebung ass natierlech e ganz komplexen, wou eng ganz Rei Contrainté spillen. Ech wëll der just véier oder fënnf opzielen.

Éischters natierlech en héijen Niveau vun Ëmwelt - an Naturschutz halen. Dann d'Verbesserung, d'Schafe vun engem méi kompetitiven Ëmfeld fir Lëtzeburger Entreprises; d'Erhale vun de Rechter vun de Biergerinnen a Bierger, dass déi participéieren kënnen um Prozess iwwer Enquêtes publiques; d'Respektéiere vum Droit communautaire selbstverständlech an och d'Ofstëmme vun där Gesetzgebung mat anere Gesetzgebungen, déi heimat zesummenhängen.

Selbstverständlech hu mer och eng gemeinsam Démarche gehat, gemeinsam den MDDI zesumme mat deene verschiddene Verwaltungen, déi net nëmme bei eis sinn, och mat der Ëmweltverwaltung, mat der ITM, déi beim Aarbechtsminister läit, an och mat dem Waasserwirtschaftsamt, dee bei dem Innenminister läit. Ech ginn elo net op déi eenzel Punkten an. Et ass, mengen ech, gutt gemaach gi vun deene verschiddene Bänken.

D'Recevabilitéit, déierausgestrach ginn ass. Ech wëll just soen am Kontext vun der Recevabilitéit, dass et awer wesentlech ass, eppes, wat ech zweemol héieren hunn haut de Mëtteg, dat ass, dass ganz vill Dossieren effektiv net komplett sinn, déi erakommen. Et sinn iwwer 50% an et ginn der eigentlech éischer méi. A wann een dann nofreet bei der Verwaltung: Wourunner läit dat?, da kritt ee ganz dacks gesot, dass verschidde Büroen, ënner Ëmstänn fir Suen ze spueren, ee lichten Dossier eraginn, an dann de Bureau d'études eis gewëssemooßen, eis Verwaltung als Bureau d'études profitéiert, wann ech elo esou wëll soen, fir keen anert Wuert ze gebrauchen, fir sech da beroden ze loossen, wat feelt dann nach.

Selbstverständlech geet duerch déi Virgehensweis do immens vill Zäit verluer. Dat heescht, dass d'Verwaltungen een Deel vun der Aarbecht vun de Bureaux d'études maachen, duerch Telefon hin an hier, wou da muss consultéiert ginn a matenee geschwat ginn. An esou eng Prozedur, dat dauert Méint. A selbstverständlech, dat ass och gesot ginn, kritt d'Verwaltung oder d'Verwaltungen kréien dat herno ugelaascht.

Duerfir wëll ech och eng Kéier hei an engem Saz soen, dass d'Beamtinnen an d'Beamten an der Ëmweltverwaltung an och an deenen anere Verwaltungen eng ganz zolidd Aarbecht maachen an et och net ëmmer ganz einfach hu vis-à-vis vun deene komplexen Dossieren, déi se do mussen traitéieren.

An dann, wa mer scho bei de Beamtinnen a bei de Beamte sinn, si mer beim Problem vun dem Personal, wat eis feelt. De Projet de loi gesäit eng Partie Leit vir: dräi Ingenieuren, sechs Ingénieurs-techniciens, een Expéditionnaire administratif. An der Tëschenzäit krut ech och zougesot, dass mer déi Leit lo scho kréien, dass do eng Virgehensweis ass, fir dass mer déi Leit operationell kréien.

Well dat geet jo net vun haut op muer. Dir kennt dat. Beim Stat ass dat alles méi lues. Eng Astellungsprozedur muss agehale ginn. Da muss eng Formatioun um INAP gemaach ginn an da kënn nach eng intern Formatioun derbäi. Alles dat brauch Zäit, sou dass, och wann d'Gesetz gestëmmt ass, ech déi Leit, ech soen emol fréiestens Enn vum Joer, fir net ze soen Ufank nächst Joer hunn. An alles dat ass net gutt.

Ech wëll net op déi Detailer agoen, déi och viru vum enger Partie vu Bänke gesot gi sinn, zum Beispill am Kontext vun deene Méiglechekeete vun de simultane Prozeduren, déi kënnen fonctionnéieren an Zukunft.

Vläicht ee Saz nach zu deem ganze Programm Simplification administrative, d'Schafe vum Guichet unique „autorisations“ a selbstverständlech och dem „e-commodo“.

Dann, wat nach vläicht wichtig ass, wat net gesot ginn ass, d'Transpositioun vun der Direktiv 2010/75, dat heescht, dat wäert eng substantziell Modifikatioun vum Gesetz vum 1999 noutwendeg maachen, wat déi sougenannt IP-PC-Betriber ubelaangt. Déi Direktiv mussen mer bis 2013 spëitstens ëmsetzen.

Dann nach eng Kéier: Déi ganz Simplification administrative reduzéiert sech jo net nëmmen op dëse Gesetzestext. D'Nomenclature ass ugeschwat ginn. Vläicht och zwee Sätz dozou. Wesentlech Ännerungen an der Nomenclature sinn ënner anerem déi, dass den Ensembl vum den Nomenclatures natierlech op engem eenzegen Tableau an Zukunft regroupéiert gött. Dat huet de Rapporteur gesot. Hien huet och vun den Ëmklasséierung geschwat. Ech ginn lech just zwee, dräi Beispiller.

Zum Beispill d'Zuel vun de Betriber an der Klass 1 gött reduzéiert. Fënnf Betriber aus der Klass 1 falen an d'Klass 2, acht Betriber an d'Klass 3 respektiv 3A oder 3B. Dann d'Zuel vun de Betriber an der Klass 3 gött reduzéiert. Do si sechs Betriber, déi am Moment an der Klass 3 sinn, déi souwuel eng Genehmigung vum Ëmwelt a vum Aarbechtsminister brauchen, déi falen elo an d'Klass 3A, also wou se eleng eng Genehmigung vum Aarbechtsminister brauchen, respektiv an d'3B, wou se eleng eng Genehmigung vum Ëmweltminister respektiv vum Nohaltegkeetsminister brauchen. An d'Zuel vun de Betriber an der Klass 4 gött eropgesat.

Vläicht nach dee Saz: An der bestehender Nomenclature sinn am Moment eelef Betriber an der Klass 4. Déi nei Nomenclature wäert där ongeféier 30 regroupéieren. Als Beispill just, wat d'Reduzéiere vun de Betriber Klass 1, Klass 3 ubelaangt: Kleng Geschäfte ënner 4.000 m² falen dorënner. Datselwecht göllt fir méi kleng Büroflächen ënner 4.000 m², wéi gesot, déi komme vun der Klass 1 an d'Klass 3.

Da vläicht och ee Wuert wat och mat där Fro zesummenhängt, déi de Roger Negri opgeworf huet. De Moment ass déi reglementaresch Prozedur amgaang, wat de Règlement grand-ducal Nomenclature ubelaangt. An opgrond vun deenen ugefroten Avisen ass et natierlech méiglech, dass dat Reglement hei oder do ëmgeännert gött. Zu deenen Avisen zielen ech och dat, wat d'Chamberskommissioun an deem Kontext seet.

An déi Fro, déi viru opgeworf ginn ass, dass de Mouvement eppes wosst, wat d'Chamber eventuell nach net wosst. Et ass esou, dass de Mouvement écologique, wéi och anerer, wéi d'Chambres professionnelles an esou weider,



an deem Comité d'accompagnement ass. An am Virfeld ass, wéi gesot, consultéiert ginn. Och wann déi Consultatioun net esou konnt sinn, wéi se normalerweis virgesinn ass, datt ee sech méi Zäit hätt kënnen huelen, well d'Regierung als Prioritéit gesot huet, mir wëllen do virukommen.

Da gehéieren och nach zwee, dräi Gesetzesprojeten zu deem Programm Simplification administrative. Eent hutt Der haut gestëmmt am Zusammenhang mat dem Aménagement communal, een anert ass d'Offallgesetz, wat mer den 21. Juli, nodeem datt mer och den Avis vum Statsrot schonn hunn, wäerten an der Kommissioun diskutéieren. Just fir do eng Vereinfachung opzeléischen, dat ass déi en matière de transports vun Offäll, wou eng Partie vun deenen Aktivitéiten net méi mussen autoriséiert gi vum Minister, mä datt een Enregistrement bei der Ëmweltverwaltung duergeet, fir do kënnen deen Transport ze maachen.

D'Naturschutzgesetz wäerte mer am Hierscht op den Dësch leeën. Och do wësst Der, datt mer méi maache wéi den Artikel 17 ëmänneren. Do ass och de Prinzip vun de Kompenséierungsmoossnamen, wou e Flähepool geschaf gëtt, virgesinn. Dat hu mer esou gutt wéi ofgeschloss. Dat hu mer aus der Consultatioun gewëssemooßen och an der Tëschenzäit erëm.

An dann erënneren ech nach un dat Gesetz iwwert d'Evaluatioun vum Environnement humain et naturel am Zusammenhang mat Projeten, Stroosseprojeten, Eisebunnsprojeten an och am Kontext Flugverkéier, dat 2009 scho gestëmmt gouf.

Den Eugène Berger huet no der Reform vun der Ëmweltverwaltung gefrot. Bis elo ass dat een internen Dossier. Do ass awer schonn och per Workshop gekuckt ginn, datt d'Mataarbechterinnen, d'Mataarbechter vun der Verwaltung selwer zu Kouer gaange sinn, wéi déi Reform ausgesäit. Et läit och en Text do, eng éischt Ébauche läit um Dësch fir d'Reform vun der Verwaltung. Ech hunn dat awer schonn op dëser Plaz gesot. An ech denken an der Suite vun den Evenementer fir d'Éischt d'Offallgesetz, d'Naturschutzgesetz, an da wäerte mer och e Gesetz op den Dësch leeën am Kontext mat der Reform vun der Verwaltung.

Da war nach ee Moment eng Fro opkomm um Niveau vun de Ställ. Et ass esou, datt eng Partie vu kleng Ställ - also ech schwätze vun der Agrikultur - an d'Klass 4 kommen. Grouss Ställ komme vun der Klass 1 an d'Klass 2. Do kann een derbäisoen, do war jo och schonn an der Kommissioun ee Moment d'Angscht wéi wann dat net ze bewältege wier. Do ass op jidde Fall d'Verwaltung bereet respektiv de Ministère an d'Verwaltung bereet, iwwer „arrêté type“ do de Gemenge respektiv de Buergermeeschteren, de Buergermeeschteschen eng Hand unzepaken. Respektiv, datt een en entsprechende Guide zesummenstellt, fir Hëllefstellung ze ginn.

Wat d'GSMen ubelaangt hate mer schonn an der Kommissioun ofgemaach, datt do eng Réunion jointe ass esou séier wéi méiglech - wann dat dann am Hierscht ass, ass dat am Hierscht. Mä ech wëll och soen, datt mer do, wou eis Zoustännegkeet ass, ëmmer gekuckt hunn, fir de Principe vun der Précaution anzehalen. Dat heescht, mir hunn den Opérateuren net méi Leeschtung ginn, wéi déi mussen hunn, fir de Réseau um Fonctionnéieren ze halen. Wéi gesot, wa mer déi Réunion jointe maachen, kann een do op den Detail agoen.

Dann hunn ech nach zwou Motioune. Déi eng konnt ech mer ukucken. An zwar wäert lech dat net wonneren, wann ech soen, datt ech bereet sinn, och déi unzehuelen. Just zu där Motioun vum Fernand Boden, datt ech selbsterständlech déi Inviten akzeptéieren, virun allem deen „à simplifier la procédure d'autorisation pour les établissements classés“ an esou weider iwwert d'Reduktioun vun der Zuel an der Klass 1 an an der Klass 3; dat hunn ech virdu beschriwwen. Mir si jo domadder amgaang. Déi Prozedur ass net ofgeschloss. Mir si jo amgaang, dat ze maachen, an dann, wann d'Avisen allegueren era sinn, kënnen mer dat och ofschléissen.

Wou ech elo keng Zäit hat, dat ass fir d'Motioun 2 ze liesen. Ech proposéieren, wann dat geet, fir dat awer a Rou eng Kéier kënnen ze maachen. A fir dann, datt mer dat dann eng Kéier nohuelen, fir dann dorop zrëckzekommen, wann de Camille Gira domadder kee Problem huet.

► **M. Camille Gira** (*déi gréng*).- Kee Problem.

► **M. Marco Schank**, *Ministre délégué au Développement durable et aux Infrastructures*.- Merci!

► **M. le Président**.- Merci dem Här delegéierten Nohaltegkeetsminister. Domadder wiere mer um Enn vun der Diskussioun a mir kéimen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et disposition du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen.

(**Interruption**)

Jo. Mir stëmmen elo iwwert d'Gesetz, duerno kommen d'Motiounen. Mir si beim Gesetz.

Also, mir ware bei de perséinleche Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6171 ass ugehall mat 50 Jo-Stëmmen, 8 Enthaltungen.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi n°6171 est adopté par 51 voix pour et 8 abstentions.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber (par Mme Christine Doerner), Lucien Weiler (par M. Félix Eischen), Raymond Weydert (par Mme Sylvie Andrich-Duval) et Michel Wolter (par Mme Martine Mergen);

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Roger Negri), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diede-rich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Fernand Etgen), MM. Fernand Etgen, Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Jean Colombero (par M. Fernand Kartheiser), Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes (par M. Gast Gibéryen) et Fernand Kartheiser.

Se sont abstenus: MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter (par M. Claude Adam);

M. André Hoffmann.

Wëllt ee seng Enthaltung begrënnen?

(**Négation**)

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(**Assentiment**)

Et ass also esou décidéiert.

Mir kommen dann elo effektiv zur Diskussioun an Ofstëmmung vun zwou Motioune.

Motion 1

Mir hu fir d'Éischt d'Motioun...

(**Interruption**)

Jo, mir fänken elo emol hei mat der Motioun 1 vum Här Fernand Boden un. Wëllt do nach een dozou d'Wuert huelen? Den Här Gira huet d'Wuert.

► **M. Camille Gira** (*déi gréng*).- Jo, ganz kuerz, Här President. Ech wollt soen, dass mir eis enthalte bei där Motioun, obwuel mer eigentlech de Gros vun deem, wat do drasteet, deelen. Mä se ass awer e bësse vun deem Geescht geprägt, deen den Här Berger elo d'ëinescht hei duergeluecht huet, e bësse wéi wann déi ganz Problemer an de Betriber nëmme mat Ëmweltgesetzgebung ze dinne hätten. Ech kann aus der Praxis och confirméieren, dat ass och heiansdo Aarbechtsrecht, dass Gesetzgebungen aus der Sécurité sociale souwuel fir d'Betriber wéi fir d'Gemenge wesentlech méi komplizéiert si wéi Ëmweltgesetzgebungen. Duerfir stéiert dat eis e bëssen.

Mir hunn och einfach esou e Problem grad och elo duerch dat Erliefnes mat de GSM-Antennen, der Regierung hei e Fräischäin ze ginn, masseg Betriebsklasse vun der Klass 1 an den 3 a waméiglech nach an de 4 ze tässelen. Leider, duerch dat Beispill, mécht dat eis et onméiglech, dat hei ze stëmmen. Duerfir géife mer eis enthalen.

► **M. le Président**.- Den Här Berger, wann ech gelift.

► **M. Eugène Berger** (*DP*).- Merci, Här President. De Camille Gira huet schonn e puer Elementer vun deem gesot, wat ech och wollt

soen. Au départ hat ech eigentlech geduecht, datt ee kéint hei soen: „Et ass eng Motion superfétatoire.“ Mä wann een awer méi genau kuckt, da kann ech dat och effektiv nëmme widerhuelen, wat de Camille Gira elo grad gesot huet, datt et an engem gewëssene Geescht ass, wou ech einfach wëll dat rappeléieren, wat ech a menger Ried gesot hunn, datt eigentlech d'Betriber selwer soen, datt 95% - net zéng oder 20%, mä 95% - an hiren Ae vun de Charge-administrativen an aner Beräicher sinn; d'Sécurité sociale, d'TVA an esou weider, datt mer also och do sollten usetzen.

An en zweete Punkt ass deen: Ech bedauern e bësselchen, datt elo haut déi zweet Motioun, déi ech mat ënnerschiwwen hunn, net zum Vote kënnt. Well hei an dëser Motioun geet zwar och dovunner Rieds, mä dat geet mer net wäit genuch, well mir froen eigentlech an där Motioun, datt een en Audit mécht.

Wa sech herno d'Verwaltung intern do Gedanke mécht, ass dat schéin a gutt, mä et ass onbedéngt noutwendeg, datt en externen Audit gemaach gëtt, fir datt een do wierklech eng uerdentlech Reform ka maachen. Esou wéi mer dat deemools an der Forstverwaltung gemaach hunn, wou dat och vun engem externen Auditeur gemaach ginn ass. Aus deene Grënn géife mer eis dann och enthalen.

Merci.

► **M. le Président**.- Gutt! Wa soss kee méi zu där Motioun...

(**Interruption**)

Wat gelift?

► **M. Camille Gira** (*déi gréng*).- Ech wollt just zu där zweeter Motioun soen, ech mengen...

► **M. le Président**.- Jo, loosse mer vläicht awer elo emol, Här Gira, déi éischt ofstëmmen, an da komme mer zu där zweeter. Ech ginn dervun aus, datt de Vote électronique verlaangt ass.

Vote sur la motion 1

Mir stëmmen dann iwwert dës Motioun of. D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

D'Motioun 1 ass ugehall mat 39 Jo-Stëmmen, géint 21 Enthaltungen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber (par Mme Nancy Arendt), Lucien Weiler (par Mme Martine Mergen), Raymond Weydert (par M. Marcel Oberweis) et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Roger Negri), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diede-rich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz.

Se sont abstenus: MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Fernand Etgen), MM. Fernand Etgen, Paul Helming, Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter (par M. Félix Braz);

MM. Jean Colombero (par M. Fernand Kartheiser), Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes (par M. Gast Gibéryen) et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Ech ginn net dervun aus, datt nach ee seng Enthaltung wëllt begrënnen.

Motion 2

Da kéime mer zu där zweeter Motioun, déi vum Här Camille Gira. Wëllt do nach een d'Wuert derzou ergäifen?

► **M. Camille Gira** (*déi gréng*).- Ech mengen, wann den Här Minister nach einfach d'Zäit net hat, fir se ze liesen, dann hunn ech kee Problem, fir ze soen, dass mer se zum Beispill d'nächst Woch sollten ofstëmmen. Ech verstinn dat awer, dass e Minister och gären eng Motioun liest, ier en hei d'Meenung virun der Regierung äussert.

► **M. le Président**.- Okay.

► **M. Camille Gira** (*déi gréng*).- D'nächst Woch?

► **M. le Président**.- Ech fannen dat eng gutt Suggestioun. Da kënnt déi op den Ordre du jour vun der nächster Woch.

► **M. Camille Gira** (*déi gréng*).- Très bien.

► **M. le Président**.- Merci. Domadder wier dann dës Punkt och ofgeschloss. Mir kéimen elo zu der Question urgente N°1558 vum Här Camille Gira iwwert d'Wahlëschten. Den Här Camille Gira huet fënnf Minutten Zäit, fir seng Questioun virzedroen, an d'Regierung huet zéng Minutten Zäit, fir drop ze äntwerten. Här Gira, Dir hutt d'Wuert.

6. Question urgente n°1558 de M. Camille Gira relative aux listes électorales

► **M. Camille Gira** (*déi gréng*).- Merci, Här President, dass Der d'Urgence ugehallt hutt, och dass den Innenminister bereet war, de Mëtten an d'Chamber ze kommen, fir direkt ze äntwerten.

An enger Rei Gemenge si vill Parteien, och aner Lëschte vläicht, amgaang, eng Lëscht fir den Oktober opzesetzen, a besonnesch an deene Gemengen, déi fir d'Éischt nom Proporz wíelen. Mä och an anere Gemengen ass et awer esou, dass eng Rei Parteien oder Lëschten nach kee Conseiller oder Conseillere hunn de Moment am Gemengerot. An da sinn déi Lëschten drop ugewisen, 50 Ënnerschrëften ze sammeln, fir déi Lëscht kënnen ze déposéieren.

Meng Fro ass, ob déi Leit, déi herno selwer Kandidat oder Kandidatin sinn, och zu deene 50 dierfe gehéieren, fir déi Lëscht ze déposéieren. Wann een den Text liest, steet weder dran, dass dat verbueden ass nach, dass dat erlaabt ass.

Mir hunn eis op eenzelne Plaze schlaugemaach. Mir kruten do éischer gesot, dass et kee Problem ass. Mir kruten awer och gesot, dass et eventuell vum President vum Wahlbüro géif ofhänken, ob déi Lëscht dann esou géif akzeptéiert ginn oder net. Fir awer do all Konfusioun an och all Diskussiounen herno ze évitieren, wier ech frou, wann den Innenminister elo virun der Vakanz mat Zäit virun de Wahlen de Mëtten hei Kloeerheet kéint schafen, dass all Mënsch, deen ënnerwee ass, fir esou Ënnerschrëften ze sammelen, weess, ob en da selwer ka mat ënnerschreien oder net.

► **M. le Président**.- Merci dem Här Gira. D'Wuert kritt elo den Här Innenminister Jean-Marie Halsdorf.

► **M. Jean-Marie Halsdorf**, *Ministre de l'Intérieur et à la Grande Région*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, déi Fro vum Här Gira ass berechtigt, si ass och gutt gestallt. An ech wëll em dann déi Äntwert ginn, wéi ech déi Problematik gesinn.

Richteg ass, dass deen, deen d'Lëschten akzeptéiert oder d'Décioun huet, fir d'Lëschten ze akzeptéieren, dass dat de President vum Hauptwahlbüro ass. An et ass och deen, deen déi Décioun hält, mä e kann déi Décioun awer nëmmen huelen op Basis vum Gesetz. E ka sech net doriwwer ewechsetzen.

A wann een d'Gesetz kuckt, mengen ech, ass d'Situatioun relativ kloer. Et gëtt den Artikel 53 vun der Verfassung, dee seet: «Ne peuvent être ni électeurs ni éligibles:...», éischstens «...les condamnés à des peines criminelles;...», zweetens «...ceux qui, en matière correctionnelle, sont privés du droit de vote par condamnation;...» an drëttens «...les majeurs en tutelle.» An da kënnt dee wichtegste Saz: «Aucun autre cas d'exclusion ne pourra être prévu.» Dat heescht also ganz kloer... Dann: «Le droit de vote peut être rendu par la voie de grâce aux personnes qui l'ont perdu par condamnation pénale.»

A wann ech dann den Artikel 228 vum Wahlgesetz huelen, Här Gira, deen Der uschwätzt: «Les listes sont constituées pour chaque commune par les groupements de candidats qui, par une déclaration signée par eux, acceptent la candidature dans cette commune, et sont présentées conjointement soit par cinquante électeurs inscrits dans la commune, soit par un conseiller communal, soit par un fonctionnaire.»

Hei geet et also ëm dat aktivt Wahlrecht, an do muss jiddwereen d'selwecht si virum Gesetz. A wann d'Gesetz an d'Verfassung keng aner Exklusioun virgesäit, ass et kloer, dass déi Leit, déi Kandidat sinn, och op där Lëscht kënnen sinn, déi déposéiert gëtt, fir 50 Leit ze hunn a fir da kënnen eng Wahlëscht ze déposéieren. Dat ass fir mech relativ kloer, ech géif soen, ganz kloer. An duerfir, mengen ech, wier do-mat dee Problem geléist.

Et ass och besser, an ech fannen et och gutt, dass mer dat haut eng Kéier hei an enger öffentlecher Sitzung soen. An da misst déi Saach gekläert sinn.

Merci.

► **Une voix**.- Très bien!